



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlementaresch Fro n° 6726 vum 29. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Claude Lamberty an vun der honorabler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.**

« Wéi vill Fäll vun Hautkriibs goufen et iwver déi lescht 20 Joer zu Lëtzebuerg? Ass en Trend no uewe festzestellen? »

D'Gesondheetsdirektioun huet keng Zuelen iwver d'Unzuel vun Hautkriibsfäll an deene leschte 20 Joer. Säit 2013 gëtt all Kriibsaart am Registre National du Cancer (RNC) erfasst. De leschte Rapport National du Cancer, an dem 66 nei Fäll vu Melanome zu Lëtzebuerg diagnostizéiert goufe, gouf op Basis vun den Zuelen vun 2013 publizéiert<sup>1</sup>. Bezüglech der Tendenz stellt den Registre National du Cancer op Basis vu virleeffege Erkenntnisser keng Augmentatioun vun der Unzuel vu neie Fäll pro Joer fest.

« Den Artikel 94.3 vum Code de la sécurité sociale beseet : « Peut être reconnue comme maladie professionnelle une maladie non désignée dans le tableau, si l'assuré rapporte la preuve de son origine professionnelle ». Sinn et iwver déi lescht 10 Joer Fäll ginn, wou Persounen aarbechtsbedéngt un Hautkriibs erkrankt sinn? Falls jo, wéi vill? »

Der Gesondheetsdirektioun leien keng Informatione iwver aarbechtsbedéngte Hautkriibserkrankungen iwver déi lescht 10 Joer vir. Allerdéngs sinn laut den Rapporten<sup>2</sup> vun der Association Assurance Accident (AAA), d'Zuelen vun aarbechtsbedéngten Krankheete am Zesummenhang mat Hautkriibs folgendermoossen:

Joer	Déclaréiert Fäll	Unerkannte Fäll
2013	3	2
2014	1	1
2015	1	1
2016	0	0
2017	4	3
2018	0	0
2019	1	0
2020	2	0
2021	3	1
2022*	3	0
<b>Total</b>	<b>18</b>	<b>8</b>

(\*)eng Affär, fir déi d'Décisioun nach net geholl ginn ass, ass nach a Suspens

<sup>1</sup> Rapport national du cancer 2020, Ministère de la Santé ; pages 39 et 40.

<sup>2</sup> <https://aaa.public.lu/de/aaa/Rapport-annuel.html>



### « Wat gëtt gemaach, fir dës Leit virun engem Erkrankungsrisiko ze schützen »

Et goufen verschidden öffentlech Gesondheetscampagnë organiséiert, ënnert anerem am Kader vum Plan National Cancer 2020-2024<sup>3</sup>. Des Campagnë riichten sech souwuel un den Aarbechtssektor wéi och un den Grand Public.

Déi jäerlech Informatiounscampagne déi d’Gesondheetsdirektioun an Zesummenaarbecht mat der Société Luxembourgeoise de Dermatologie ausschafft, berouen op zwee grouss Pilier’en:

- De Schutz virun Sonnestralen förderen;
- Op en fréizäitegen Dépistage sensibiliséieren.

Zu deene wichtigsten Campagnen, déi op nationalem Niveau duerchgefouert goufen gehéieren:

Aktivitéiten zur spezifischer Präventioun vun Hautkriibs	Zilgrupp	Acteuren	Sourcen
Recommandatiounen géint d’UV-Strahlung  Dës Broschür, déi haapsächlech den Aarbechten am Bauwierk gewidmet ass, gëtt et op franséisch an däitsch an ass an Zesummenaarbecht mam „Institut de Formation Sectoriel du Bâtiment“ (IFSB), mam „Conseil pour le Développement Economique de la Construction“ (CDEC) a mam „Service de Santé au Travail Multisectoriel“ (STM) elaboréiert ginn.	Aarbechte r an Employeur en	Association Assurance Accident (AAA)	<ul style="list-style-type: none"><li>• Brochure de l’AAA (dernière version 10 - 2021) <a href="https://aaa.public.lu/fr/documentation/publications/brochures/exposition-rayonnement-solaire.html">https://aaa.public.lu/fr/documentation/publications/brochures/exposition-rayonnement-solaire.html</a></li></ul>
Programme national de coordination et organisation de la santé au travail, collaborations avec les partenaires nationaux, participation aux stratégies de prévention nationales contre le cancer	Aarbechte r	Ministère de la Santé Direction de la Santé Institut National du Cancer	<ul style="list-style-type: none"><li>• Rapport National du cancer 2020 ( Säiten 83 an 84)</li></ul>

<sup>3</sup> Plan National Cancer, Säit 77



Normen zu den Geforen am Zesummenhang mat der UV-Verstralung	Grand Public	Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg Direction de la Santé (Division de la Radioprotection)	<ul style="list-style-type: none"><li>Règlement grand-ducal du 9 novembre 2018 portant exécution de la loi modifiée du 24 mai 2018 sur les conditions d'hygiène et de salubrité relatives à la pratique des techniques de tatouage par effraction cutanée, du perçage, du branding, cutting, ainsi que du bronzage UV. Article 10.</li><li>Règlement grand-Ducal interdisant l'utilisation des bancs solaires chez les jeunes de moins de 18 ans</li></ul>
Entwicklung vu pedagogeschem Material, Atelierien an Broschüren. Beispill fir Kanner : Pixie Buch „Sechs Freunde und die Sonne“.	Grand Public	Direction de la Santé Institut National du Cancer Ligue médico-sociale	<ul style="list-style-type: none"><li>Rapport National Cancer 2020 (page 82)</li></ul>
Campagne de sensibilisation au cancer de la peau	Grand Public	Division de la Médecine Préventive	<ul style="list-style-type: none"><li>Rapport annuel ministère de la Santé 2021 (page 104)</li><li>Rapport National Cancer 2020 (page 199)</li></ul>
Spezifesch Preventiounsmesurë : D'Hellefsmëttel « Sunnybox », déi iwwer déi schiedlech Auswierkung vun laanger Sonnenastralung informéiere soll.	Jonk Schüler an Famille	L'association Mennien.lu Division de la Médecine Préventive Division de la Santé Scolaire Société Luxembourgeoise de Dermatologie	<ul style="list-style-type: none"><li>Rapport National Cancer 2020 (page 199)</li><li><a href="http://sante.public.lu/fr/publications/s/soleil-ami-ennemi-2010/soleil-ami-ennemi-2010-fr.pdf">http://sante.public.lu/fr/publications/s/soleil-ami-ennemi-2010/soleil-ami-ennemi-2010-fr.pdf</a></li></ul>



Publikatioun vun engem Dépliant am Kader vun der Campagne zur Opklärung vun der Bevölkerung iwwer Hautkriibs: « <i>Les cadeaux du soleil... Le soleil. Ami ou ennemi ?</i> »	Grand Public	Direction de la Santé (Division de la Médecine Préventive et Division de la Santé Scolaire)	<ul style="list-style-type: none"><li>Rapport National Cancer 2020 (page 199)</li></ul>
Spezifesch Preventiounsmesurë géint Hautkriibs: « <i>Repérez-le, stoppez-le !</i> » am Kader vun der Journée Euromelanoma  Zil ass et, den Public an ganz besonnesch déi Jugendlech iwwert déi schiedlech Auswierkungen vun der Sonn opzeklären fir d'Entwicklung vun engem Kriibs ze bekämpfen.  Dépliant an Postkaart, déi den Leit erkläert, wéi se hier Haut systematesch kontrolléieren kënnen.	Grand Public	Ministère de la Santé Direction de la Santé Division de la Médecine scolaire Ligue médico-sociale Euromelanoma	<ul style="list-style-type: none"><li><a href="http://www.euromelanoma.org">www.euromelanoma.org</a></li><li><a href="http://sante.public.lu/fr/actualites/2013/05/euromelanoma2013/index.html">http://sante.public.lu/fr/actualites/2013/05/euromelanoma2013/index.html</a></li></ul>

#### « Ginn all Erkrankunge vun Hautkriibs hei zu Lëtzebuerg erfaasst? Falls nee, wisou net? »

Laut dem Artikel 5 vum Règlement grand-ducal du 18 avril 2013 déterminant les modalités et conditions de fonctionnement du registre national du cancer et modifiant le règlement grand-ducal du 20 juin 1963 rendant obligatoire la déclaration des causes de décès gëtt all Fall vun Kriibs deen zu Lëtzebuerg behandelt oder diagnostizéiert gëtt vum Registre National du Cancer enregistréert. An dat souwuel ob de Patient Résident ass oder Non-Résident ass.

Bei Hautkriibsaarten, déi keng Melanome sinn ass et allerdéngs schwierig all Donnéeën ze erfaassen well déi meescht Fäll ausserhalb vun den Spideeler, also an Privatpraxissen vun Dermatologen behandelt ginn an net all Fall eng histologesch Bestätigung kritt.



« D'Delaie fir en Dermatologe ze gesinn zéien sech oft iwwer Méint. Munch Dokteren huelen och keng Urgence Terminer un. Vu, dass Kriibs am beschten esou fréi wéi méiglech traitéiert gëtt, wéi kann eng schnell Prise en charge vun engem Patient assuréiert ginn»

D'Gesondheetsdirektioun huet keng Informatioune iwwert den Fleegeparcours an Waardezäiten bei den Dermatologen. Allerdéngs ass et méiglech dass souwuel d'Généralisten wéi och d'Aarbechtsdokteren sech un enger regelméissegger Hautënnersichung vun Risikopatienten bedeelegen. Ausserdem soll een weiderhin d'Gesamtbevölkerung iwwer d'Preventioun vun den Risiken duerch Sonnenastralung an UV-Stralung opklären.

« Ginn et nieft der Initiative vun der Fondation Cancer och eege Pläng vum Gesondheetsministère fir d'Leit an Zukunft iwwer d'Risiken ze informéieren, Präventioun ze leeschten a Mëttel zum Schutz bereet ze stellen? »

Ënnert der Obhut vum Gesondheetsministère leeft zur Zäit den zweeten Plan Cancer deen d'Period 2020-2024 ofdeckt. Een vun den Objektiver ass et, d'Preventioun an d'Versuerung vun den Kriibspatiante ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

D'Gesondheetsministesch  
(s.) Paulette Lenert